N°831
Entrée le 31.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Op meng Froen n°165 an 387 huet d'Mobilitéitsministesch mir Zuele geliwwert betreffend de Fuerpersonal bei den CFL. Wann een sech dës Zuelen ukuckt, fält op, dass 2023 virun allem d'Lokféierer vill Deeg usammelen duerch net liquidéiert Roudeeg.

Esou goufen am Joer 2023 1.012 Roudeeg net liquidéiert, also ee Solde vun 322 Deeg, déi eleng fir 2024 era musse geholl ginn. Bei 334 Lokféierer bedeit dat, dass an der Moyenne bal all Lokführer ee Roudag muss eranhuelen (woubäi verschiddener jo hei méi cumuléieren an anerer guer net).

D'Roudeeg si virun allem do, fir dass d'Lokféierer tëschent hire Schaffwochen eng Paus aleeën, fir sech kierperlech a mental kënnen z'erhuelen. Manner Roudeeg bedeit manner Repos an doduerch méi Middegkeet, manner Leeschtungsfäegkeet an ee Risiko fir d'Gesondheet. Ee Lokféierer, dee permanent siwen Deeg um Stéck oder 48h d'Woch schafft, kann net permanent konzentréiert schaffen, wat och ee Risiko fir d'Passagéier duerstellt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Zum Personalbestand: Wéi vill Lokféierer an Zuchbegleeder waren an de Joren 2020 bis 2023 (opgeschlësselt no Joer) op mannst ee Mol am Statut "inapte" a konnten deemno net hirer Aarbecht nogoen? Goufen dës Lokféierer an Zuchbegleeder an der Statistik vun der QP n°165 mat agerechent?

2. Wéi verdeelt sech de Solden u Roudeeg bei de Lokféierer? Wat ass de Maximum u Roudeeg, deen ee Lokféierer muss eranhuelen a sinn d'Moyenne an de Median bei alle Lokféierer?

3. Wat wäert ënnerholl ginn, fir dass et net méi virkënnt, dass d'Lokféierer Roudeeg gestrach kréien?

4. Wéi vill Stonne stinn insgesamt op den Zäitspuerkonte vun de Lokféierer (zënter der Aféierung vum CET)?
   Wéi vill Stonnen hunn sech iwwert déi lescht 5 Joren hei ugesammelt a wat sinn den Duerchschnëtt an de Medianwäert bei alle Lokféierer?

5. Wéi oft ass et 2023 virkomm, dass d'Lokféierer méi wéi 40h/Woch geschafft hunn a wéi vill

Iwwerstonnen hunn sech op dës Manéier ugesammelt?

6. Hunn **all** d'Lokféierer an der Reegel mindestens 44 Stonne Paus tëschent zwou Aarbechtswochen? Falls nee, wéi oft ass dat 2023 net de Fall gewiescht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°831
Entrée le 26.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 831 vum 31. Mee 2024 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen iwwer d'Aarbechtsbelaaschtung vun de Lokféierer**

1. *Zum Personalbestand: Wéi vill Lokféierer an Zuchbegleeder waren an de Joren 2020 bis 2023 (opgeschlësselt no Joer) op mannst ee Mol am Statut "inapte" a konnten deemno net hirer Aarbecht nogoen? Goufen dës Lokféierer an Zuchbegleeder an der Statistik vun der QP n°165 mat agerechent?*

   D'Tabell weist d'Unzuel vu Lokféierer an Zuchbegleeder déi an de Joeren 2020 bis 2023 op mannst ee Mol am Statut „inapte" waren an deemno net hirer Aarbecht nokommen konnten:

| Joer | Lokféierer | Zuchbegleeder |
|---|---|---|
| 2020 | 6 | 18 |
| 2021 | 9 | 27 |
| 2022 | 16 | 33 |
| 2023 | 14 | 40 |

   Dës Lokféierer an Zuchbegleeder goufen an der Statistik vun der QP n°165 mat agerechent.

2. *Wéi verdeelt sech de Solde u Roudeeg bei de Lokféierer? Wat ass de Maximum u Roudeeg, deen ee Lokféierer muss eranhuelen a sinn d'Moyenne an de Median bei alle Lokféierer?*

   An der Moyenne verdeelen sech déi Rescht-Roudeeg um Enn vum läschte Joër op e Wert vun 3,35 pro Lokféierer. De Median loung bei 2.

3. *Wat wäert ënnerholl ginn, fir dass et net méi virkënnt, dass d'Lokféierer Roudeeg gestrach kréien?*

   Fir ze verhënneren, datt d'Lokféierer Roudeeg gestrach kréien, ass d'Unzuel vu de Recrutementer fir 2024 nach eng Kéier erhéicht ginn.

4. *Wéi vill Stonne stinn insgesamt op den Zäitspuerkonte vun de Lokféierer (zënter der Aféierung vum CET)? Wéi vill Stonnen hunn sech iwwert déi lescht 5 Joren hei ugesammelt a wat sinn den Duerchschnëtt an de Medianwäert bei alle Lokféierer?*

   D'Stonnen déi sech insgesamt, zënter der Aféierung vum CET am Joer 2022, op den Zäitspuerkonte vun de Lokféierer pro Joer ugesammelt hunn, si folgend:

   2022: + 5.150 Stonnen
   2023: - 140 Stonnen

   Vun deenen 5.150 ugesammelte Stonnen am Joer 2022, goufen der am Ganzen 140 iwwer d'Joer 2023 op den Zäitspuerkonten ofgebaut.

   Iwwert déi lescht 5 Joër (2018 - 2023) hu sech 47.684 Stonnen ugesammelt. Iwwert déi lescht 5 Joër huet all Lokféierer am Durchschnëtt 109,4 Stonnen ugesammelt. De Medianwäert vun den Usammelungen iwwert déi lescht 5 Joër loung bei 77,6 Stonnen.

5. *Wéi oft ass et 2023 virkomm, dass d'Lokféierer méi wéi 40h/Woch geschafft hunn a wéi vill Iwwerstonnen hunn sech op dës Manéier ugesammelt?*

   Kontroll vun den Iwwerstonnen gëtt iwwer eng Referenzpériode vu 4 Wochen gemaach, deemno 160 Stonnen / 4 Wochen.

   Am Total hunn sech am Joer 2023 esou 697 Iwwerstonnen ugesammelt.

6. *Hunn all d'Lokféierer an der Reegel mindestens 44 Stonne Paus tëschent zwou Aarbechtswochen? Falls nee, wéi oft ass dat 2023 net de Fall gewiescht?*

   Den CFL-Personalstatut gesäit vir, datt „dans la mesure du possible“ jiddereen duebel Roudeeg (2 Roudeeg hannereneen) soll kréien. En isoléierten Roudag ass définéiert mat minimum 38 Stonnen.

   En duebelen Roudag ass définéiert mat minimum 62 Stonnen.

   Den CFL-Personalstatut kennt kéng Reegel vu 44 Stonnen.

Lëtzebuerg, den 26. Juni 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes